TECHNICAL RESCUE TEAM MAMER

Invitatioun op de „First Rescue Event“ zu Mamer

Am Kader vun der **Porte Ouverte vum Centre de Secours Mamer an dem Service d´Incendie et de Sauvetage de la Commune de Mamer** invitéiere mer iech op den „First Rescue Event“ de **5. Juli 2009 vun 10.00-18.00 Auer** zu Mamer (route de Dippach).

De First Rescue Event ass e Concours de désincarcération wou national an international Equipen hier Sauvetagetechniken an den Emgang mat Patienten verglaichen. Et geet drem nei Usätz a nei Lait kennenzeléieren, a virun allem e flotten Dag mateneen ze verbréngen.

Den aktuellen Weltmeeschter (Hampshire, UK) an eng Partie aner erfahren auslännesch Equipen huelen och um Concours deel.

D´Détailer zum Concours, sou wie Bewertungs Formularen fannt der op eiser Homepage: www.trtmamer.lu

Umellen kennt der iech bis spéitstens den 20. März 2009

Iwwerweist weg och bis spéitstens den 20. März 200 € Partizipatiounsgebühr mat der Mentioun „First Rescue Event“ an de Numm vun ärer Equipe op eise Compte:

Bénéficaire:„TRT Mamer“
Mentioun: „Rescue Event NUMM“ (NUMM ersetz der duerch den Numm vun aerer Equipe)
Swift: BGLLLULL
IBAN: LU97 0030 6356 6255 0000

Jim Diederich
(Président TRT Mamer)

4, rue des Ardennes
L-8048 Strassen
info@trtmamer.lu
www.trtmamer.lu
Tel : (+352)691947112

Technical Rescue Team Mamer

Modalitéiten zum Concours:

All Equipe besteet aus 6 Lait:

- 1 Teamleader
- 1 Medic
- 2 Safety´s
- 2 Tools

Den Szenario besteht aus engem oder méi accidentéierten Autoen mat engem liewege Patient, den am Auto ageklemmt ass, a muss an 20 Minutten befreit ginn. De Schwéierpunkt lait dobai op enger propperer a patientegerechter Aarbecht, a net dorop, dass de Patient per force no 20 Minutten aus dem Auto eraus ass. Mir stellen d´Sauvetagematerial, dat fir all Equipe dat selwecht ass.

Déi genau Wettkampfregelen, Bewertungscritèren an d´Material dat der zur Verfügung hutt, fannt der demnächst op eiser Homepage: www.trtmamer.lu

Et gett um Concours eng Bewertung fir déi national Equipen an eng separat Bewertung fir déi international Equipen.

Samstegs de 4. Juli invitéiere mer all Equipe vu 17.30-22.00 Auer op eis Teamnight am Festsall zu Holzem (5, rue de Garnich). Do léieren d´Equipen sech bei engem Patt an enger relaxer Atmosphär kennen a mir erkläre nach eng Kéier all Equipe de genauen Oflaf vum Concours, mir stellen déi international Riichteren vir an deelen den Timing vun de Concoursen aus. Fir d´Teamleader an d´Medicen aus all Equipe ass dee Rendez-Vous (um 18.30 Auer) Pflicht.

Wann dir elo nach Froen hutt, dann zéckt net eis ze froen. Mir hoffen dass vill letzebuergesch Equipen d´Erausfuerderung unhuelen a mer op eisem Rescue Event vill bailéieren an en interessanten Dag mat iech hunn!

Weider Informatiounen an Äntwerten ob all är Froen:
www.trtmamer.lu
info@trtmamer.lu

4, rue des Ardennes
L-8048 Strassen
info@trtmamer.lu
www.trtmamer.lu
Tel : (+352)691947112

Technical Rescue Team Mamer

Umeldung fir de „First Rescue Event“ de 5. Juli 2009 zu Mamer

Heimat melle mir eis fir de Concours un

Numm	Adress	Telefon an E-Mail	Centre de Secours
Teamleader:			
Medic:			
Safety:			
Safety:			
Tool:			
Tool:			

Zréckschécken bis spéitstens den 20. März un:

Jim Diederich
4, rue des Ardennes
L-8048 Strassen

Oder d’ Umeldungsformulair op www.trtmamer.lu rofflueden
an un info@trtmamer.lu schecken.